

Lëtzebuerg, den 28. November 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister, den Här Wunnensbauminister an den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Am Ausgang vun Iechternach a Richtung Mompech, an der Route d’Osweiler, läit een Hangar vun der Administration des Ponts et Chaussées, deen am Ablack awer net am Gebrauch ze si schéngt. D’Fläch bitt genuch Plaz, fir potentiell aner Projeten. Beispillsweis kéint hei, sou wéi et e Schéma directeur vum zukünftege PAG vun der Stad Iechternach virgesäit, neie Wunnraum entstoen.

An deem Kader wollt ech den Här Wunnensbauminister an dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- *Gëtt dësen Hangar nach vu Ponts et Chaussées oder vun engem anere Service genotzt, a falls jo, fir wat?*
- *Kéint op dësem Terrain, deen dem Staat gehéiert, subventionéierte Wunnraum geschaaft ginn, eventuell an Zesummenaarbecht mam Fonds du Logement oder mat der SNHBM? Falls jo, ginn et schonn éischt Iddien? Falls nee, wisou net?*
- *Ginn et eventuell aner Pläng fir dësen Terrain fir d’Zukunft?“*

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN
Deputéiert

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu